# Finale 4. Staffel vun DSDS op RTL

Jean-Claude Majerus

Aus 30 000 Leit mat méi oder ganz dacks manner Gesangstalent, déi sech an de Castingen a ganz Däitschland gemellt haten, blouwen um Enn 10 Kandidaten iwwereg, déi sech an de sougenannte „Mottoshowen" op der Bühn profiléiert hunn. All Woch ass d'Grupp méi kleng ginn, de Public konnt fir seng Lieblingskandidaten uruffen an dee mat de mannsten Appeller konnt trëppelen.

An do geet et schonn un: an de Castinge gëtt et eng Jury, déi Kéier waren dat den Dieter Bohlen, d'Anja Lukaseder an den Heinz Henn. Déi Jury huet bei de generelle Castingen d'Muecht, Leit ze huelen oder se heem ze schécken, a virun allem, wat schlëmm ass, Mënschen op engem deels ganz déiwen Niveau ze beleidegen, jo z'ernidderegen. Do ass den Dieter Bohlen Spezialist dran, aus sengen dommen a freche Bemierkungen ass Kult ginn! Mä et muss een dat awer net gutt fannen.

Dunn ass et eescht ginn, 10 Kandidate sinn iwwreg bliwwen, a wann et dorëms geet, d'Qualitéit vun hirem Gesank ze jugéieren, huet de Jury näischt méi ze soen, hir Appréciatiounen hu kee Wäert méi. D'Leit dobausse solle fir hire Liebling uruffen.

Do spillt da keen objektivt Jugement iwwert sange kënnen a net sange kënne méi mat, mä de Liebling gëtt gewielt, op en elo sange kann oder net. Dat ass och der däitscher Televisiounschaîne RTL, op alle Fall huet een déi Impressioun, komplett egal.

Haaptsaach ass, d'Leit ruffen un, well fir all Appel gi 50 Cent akasséiert. D'Zuel vun den Appellen ass ganz héich, natierlech verroden d'Chefe vun der däitscher Privatchaîne net, wéivill Appeller et sinn.

*De Jean-Claude Majerus gehéiert zu der Kulturredaktioun vum radio 100,7.*

Et gi Sue gemaach, dat ass kloer. Bei der däitscher Noriichtenagence dpa stoung ze liesen, datt eng hallef Minutt Publizitéitszäit bei der Emissioun DSDS ronn 76 000 Euro kascht, 2 530 Euro pro Publizitéitssekonn.

An awer huet DSDS net méi dee Succès wéi bei der éischter Staffel 2002/2003, wou nach 13 Millioune Leit d'Finale gekuckt hunn. 2007 waren et nach knapp 6 Millioune Spectateuren, trotzdem eng Quote vun 30,4%.

Och wann d'Zuschauerzuel ëm iwwer 50% erofgoung, soll nächst Joer eng 5. Staffel kommen.

Jidderee mécht Sue bei DSDS, d'Televisiounschaîne, an den Dieter Bohlen natierlech, deen de Gewënner Mark Medlock produzéiert bis et net méi geet. D'Mëllechkou gëtt gestrach bis se keng Mëllech méi huet an da gëtt se, neen, net geschluecht, mä einfach fale gelooss.

D'Kandidate kréien net vill, 1 600 Euro pro Show! A mir reegen eis iwwert Kanneraarbecht an der drëtter Welt op. En plus sinn d'Kandidate mat hire Kontrakter widdert d'Mauer gedréckt.

Eng aner Valeur ass déi musikalesch Qualitéit vun de Prestatiounen. Bei den 10 Finalisten huet ee gutt Stëmmen héieren, do ass näischt dergéint ze soen. Gutt Stëmmen, awer keng grouss Stëmmen.

De Gewënner Mark Medlock hat eng interessant Stëmm, eng Soul-Stëmm, just hien hat keng Variatioun a keng Kreativitéit an der Stëmm, duerch d'Bank hunn all d'Lidder, déi e presentéiert huet, d'selwecht geklongen.

Beim Jury ass d'Relatioun tëscht Dieter Bohlen an Heinz Henn zu enger Spillschoul ausgeaart, wochelaang hunn déi zwee net méi matenee geschwat. Een huet sech iwwert deen anere beklot.

**D'Kandidate kréien net vill, 1 600 Euro pro Show! A mir reegen eis iwwert Kanneraarbecht an der drëtter Welt op.**

Bei Kanner géif e soen: pakt iech, bei hinnen Zwee rëselt ee just de Kapp.

Dernieft ass och nach e klenge Krich tëscht dem däitschen RTL an där anerer däitscher Privatchaîne Pro 7 oder besser dem Stefan Raab ausgebrach. De Raab wollt de Max Buskohl, deen, well hie perséinlech Iddie wollt erabréngen, vun RTL gelantert gouf, bei sech an der Emissioun sange loossen. De Buskohl krut dat awer verbueden, wéinst deene komesche Kontrakter.

De Raab, a senger penibeler Manéier, huet dunn nees eng Kéier eng Hexejuegd géint RTL lancéiert, an den Top vum mauvais Goût war eng Foto vum Max Buskohl, wéi déi vum Hans Martin Schleyer, just datt amplaz vun RAF RTL drop stoung! Dat schléit dem Faass schonn de Buedem aus.

Déi 5. Staffel vun DSDS ass elo eriwwer an et kann ee gespaant sinn, wéi laang mer nach vum Gewënner Mark Medlock schwätzen. Oder soe mer an engem Joer, wéi bei deenen aneren, wien hat scho méi gewonnen.

D'Kandidate vun DSDS kënnen engem Leed doen an et kann ee just hoffen, datt, besonnesch déi ganz Jonk, net zevill Schued ewechdroen.

*Kulturkronik um radio 100,7 all dënschdes um 07.55 an 12.50*
*Kulturkronik vum 8.5.2007*

**forum**

für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Lex Folscheid, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination** Lynn Herr

**Autoren dieser Ausgabe**
Daniela Beljan, Fondation de l'architecture et de l'ingénierie, Marc Keup, Sonja Kmec, Serge Kollwelter, Alex Langini, Jean-Claude Majerus, Christine Muller, Karl-Heinz Ohlig, Michel Pauly, Jennifer Pavlik, Luc Reuter, Klaus Schneider, Viviane Thill, Robert Urbé, Blanche Weber

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Erny Gillen, Tanja Lahoda

**Originalillustrationen** Olivier John

**Foto Cover** © Photothèque de la Ville de Luxembourg

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2007 by *forum* a.s.b.l.

**Bezugspreise**
Einzelheft..........................................5 Euro
Jahresabonnement...........................42 Euro
Jahresabonnement im Umschlag.....54 Euro
Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements...................34 Euro
Jahresabonnement im Ausland........54 Euro

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto
IBAN LU 831111061154440000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft, dem Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche und dem Fonds national de la recherche für die finanzielle Unterstützung.

**1, place Ste Cunégonde**
**L-1367 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 Fax: 42 44 99**
**E-mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**
**www.forum.lu**

**forum**

Gutschein für die drei kommenden Ausgaben

Name: ...........................................................................................
Vorname:.......................................................................................
Adresse: ........................................................................................
.......................................................................................................
PLZ: .................... Ort: ....................................................................
Tel.: ..................... e-mail: ..............................................................

Bitte ausfüllen und einsenden an :
***forum a.s.b.l***
1, place Sainte-Cunégonde
L-1367 Luxembourg-Clausen
Konto CCP: IBAN LU83 1111 0611 5444 0000

Tél.: +352 42 44 88
Fax: +352 42 44 99
e-mail: forum@pt.lu